



JONGLËNSTER

Op de Punkt

Kontakt- an Informationsblatt vun der CSV Jonglënster
Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Jonglënster

Mat kloerem Bléck fir d'Gemeng Jonglënster Eis Equipe fir Kontinuitéit an Dynamik



Colling-Kahn Francine

Buergermeeschtesch
Spëtzekandidatin vun der CSV-Jonglënster

**56 Joer
bestuet
Mamm vun 3 Kanner**

Tel.: 691 19 20 30

collingfr@yahoo.de

2005 sinn ech fir d'éischt mat an d'Gemengewahle gaang. Ech kouw 2007 an de Gemengerot an am August 2009 gouf ech nom Denis Dimmer an nom Françoise Hetto den 3. Buergermeeschter fir dës Legislaturperiod. Dat war ufanks net einfach fir mech, mee nodeems ech mech esou richtig erageschafft hat, huet meng Aarbecht mir no an no vill Satisfaktioun bruecht, an ech hu versicht, wéi meng Virgänger, eis Gemeng mat Häerz an Engagement ze féieren. Elo zum Schluss vun dëser Mandatsperiod kann ech soen, datt ech houfreg sinn op dat, wat mir alles fäerdeg bruecht hunn.

Politesch sinn ech doniewent och nach am Komitee vun der CSV Jonglënster an am Komitee vun der CSF Osten aktiv.

Meng wéineg Fräizäit, déi mir bleift, genéissen ech, fir mat der Famill oder mat Frënn zesummen ze sinn, oder fir mat mengem Mann a mam Milo, eisem Hond, duerch eis schéin Natur ze wandere, wou ech ëmmer erëm nei Energie optanken.

Mat eisen neie Kandidaten si mir eng motivéiert Equipe, déi sech asetzt fir datt eis Gemeng sech weider entwéckele soll, an dass eis Bierger sech wuel an hirer Gemeng fillen.

CSV Jonglënster Wahlversammlungen

D'CSV Kandidatinnen a Kandidate stinn iech Ried a Äntwert iwwert onse Bilan vun deene leschte 6 Jor an iwwert onse Wahlprogramm. Stellt ons är Froen a sot ons wat iech um Häerz läit.

Dënschdeg, de 4. Oktober

um 19.30 Auer zu Gonnereng am Festsall

Mëttwoch, de 5. Oktober

um 19.30 Auer an der Buerger am Festall

Donnerschdeg, de 6. Oktober

um 19.30 Auer am Centre culturel „Am Duerf“ zu Jonglënster


Boden Jean

50 Joer, Gonnereng
bestuet an 2 Kanner,
Comptabel, Versécherungsagent
Tel: 691 78 84 69
jboden@pt.lu

Nodeem ech 2005 fir d'éischt mat an d'Gemengewahle gaang sinn, sinn ech säit 2009 Member am Gemengerot. Meng besonnesch Interessegebidder sinn alles wat mat Ëmwelt an Energie, Schoul an Education, Medien, Europa, Finanzen a Wirtschaft ze dinn huet.

An der Gemeng sinn ech dofir en engagéierte Member vun der Ëmwelt- a vun der Schoulkommissioun. Als President vun der Mediekommissioun läit mir besonnesch de Volet Informatioun vum Bierger um Häerz. Als Grënnungsmitglied vun Equidic setzen ech mech och bei all den Thematiiken ronderëm 'd'Klimabündnis' an.

Ech engagéiere mech och, zënter meng Kanner an d'Schoul ginn, an deene verschiddenen Elterevereenegungen a sinn och am Conseil vun der FAPEL (Lëtzebuerger Federatioun vun den Elterevereenegungen).

Am Privatleewe sinn ech gär bei menger Famill a bei Frënn, liese ganz vill a ginn och gär op Reesen an a Concerten, gi lafen, schwammen a maache Fitnessstraining.


Dimmer Gilles

47 Joer, Jonglënster
bestuet mam Martine Lickes a Papp vum Milly
Ech schaffen zënter 1988 als Gérant vun enger Bank zu Lënster.
Tel: 621 246 050 – g.dimmer@pt.lu

Zënter menger Kandheet wunnen ech zu Lënster an den Interessi un der Politik a besonnesch un der Zukunft vun eiser Gemeng, hunn ech duerch mäi Papp, scho vu menger Jugend un a mir.

Speziell interesséieren ech mech fir d'Finanzen, déi mir duerch déi rasant Entwécklung vun eiser Gemeng am A behale mussen.

Den Développement vun eiser Gemeng muss mer esou plangen, datt mer duerch déi nei Infrastrukturen eis Folgekäschtchen am Grëff behalen, esou datt d'Liewensqualitéit vun eise Matbierger a kengem Fall drënner leide wäert.

Fir d'Propretéit, d'Sécherheet an d'Verkéiersberouegung an all eisen Dierfer setzen ech mech an.

Privat sinn ech gären zesumme mat menger Famill a mat menge gudde Frënn. Energie tanken ech op dem Vëlo respektiv am Fitness a beim Trëppele mam Jacky, eisem Hond.


Dimmer Martine

41 Joer, Gonnereng
gescheet, 2 Kanner
Staatsfonctionnaire an der
Akerbauverwaltung
Tel: 621 297 784 – madimmer@pt.lu

Iwwert mech selwer kann ech soen, dass ech mech ëmmer méi fir d'Politik interesséieren. Et deet mir gutt, besser informéiert ze sinn iwwert eis Gemeng. Ech fannen et flott, am Comité vun der CSV mat ze schaffen a mäin Deel kënnen

bäizendroe bei der Diskussioun iwwert Projeten an eisen Uertschaften. Ech si gär bei de Leit an ënnert de Leit.

Ech si bereet, mech fir eis Gemeng z'engagéieren. Ech interesséiere mech haaptsächlech fir Famill, Jugend a Fräizäitbeschäftegung, fir Sportinfrastrukturen, Integratioun, drëtten Alter a Bauten. D'Ëmwelt ass mir och ganz wichteg

A menger Fräizäit genéissen ech et, doheem ze si mat menge Kanner. De gudde Kontakt zu menger Famill a menge Frënn an der Riicht ze halen läit mir och um Häerz. Et mécht mir Spaass ronderëm d'Haus ze schaffen an ech si frou, mol an de Kino, gutt iessen a spadséieren ze goen. Verschidde Sportarten wéi Volleyball a Badminton gefale mer gutt, an déi lescht Zäit ginn ech och mol lafen.


Feltgen Henri

52 Joer, Jonglënster
bestuet a Papp vun 2 Kanner
Staatsbeamten, zoustänneg fir Finanzen
Tel: 621 744 285
feltris@pt.lu

Berufflech hunn ech meng Erfahrungen an der Privatwirtschaft, duerno an der Staatsdréckerei gesammelt. Am Moment sinn ech op engem Ministère zoustänneg fir Budget a Comptabilitéit.

Op Gemengenniveau war ech fir d'éischt e puer Joer Keesserevisor vun der lokaler Parteikeess, an duerno Member am CSV Comité vu Jonglënster, an elo stellen ech meng Kandidatur als CSV Verrieder fir de Gemengerot.

Menger Meenung no spillt de Fonctionnement vun der Gemeng eng ganz grouss Roll am alldegleche Liewe vum Bierger. Mir müssen duerfir suergen, datt eis Gemeng weider déi néideg finanziell Mëttelen zur Verfügung huet fir hir vill Aufgaben zur Zefriddenheet vum Bierger z'erfëllen. Jiddwer Betrib, dee sech an der Gemeng usidelt, ass net eng Belaaschtung, mee eng Beliewung vun eiser Liewensqualitéit. Am Privatleewe sinn ech e fréiere Futtballspiller a Sänger am Männerchouer, en aktiven Hobbygärtner – a misst nees méi Sport maachen...


Kanstein-Bothe Jutta

53 Joer, Buerglënster
bestuet a Mamm vun 2 Kanner
Diploméiert Sporttrainerin
Tel: 661 788 219
E-mail: nordwalk@pt.lu

Zënter 2005 sinn ech an der CSV Jonglënster aktiv.

Meng éischt Erfahrungen am politesche Liewen an eiser Gemeng hunn ech an de Kommissiounen fir Integratioun an Ëmwelt gemaach.

Dat wat mech un der Politik interesséiert a fasziniert, ass d'Méiglechkeet mat vill verschiddene Leit ze diskutéieren a Meenungen auszutauschen. Zënter datt ech am Gemengerot sinn, huet sech dat natierlech nach vill weider entwéckelt. Doduerch hunn ech d'Chance, d'Zesummeliewen an eiser Gemeng aktiv matzestalten, d'Integratioun ze ënnerstëtzen a fir d'Zukunft ze plangen.

Meng Haaptinteresse leien an de Beräicher Sport a Gesondheet fir all Alter an am Schutz vun Natur an Ëmwelt. Als Presidentin vun dem Pilotprojet „Jonglënster gutt drop“ an als Sekretärin vun der Ëmweltkommissioun kann ech do elo scho mäin Deel dozou bäidroen, fir Akzenter ze setzen.


Muller-Frank Claudine

43 Joer, bestuet a Mamm vun 2 Jongen (20 an 17 Joer)
Ech schaffen als Aide-éducative an der „Maison Relais Päiperlek“ zu Jonglënster.
Tel. 691 788 545 – mulfrac@pt.lu

Gemengewiesen a Gemengenentwécklung hu mech nach ëmmer interesséiert. Wéi ech virun 2 Joer gefrot gouf, op ech Interessi hätt fir mat an déi nächst Wahlen ze goen, hunn ech no laangem a gudden Iwwerleeën a

mat der Ënnerstëtzung vu menger Famill d'Decisioun geholl, dee Wee anzuschloen a mech ze „trauen“ mat an d'Wahlen ze goen.

Meng Interesse leie beim soziale Volet, d'Integratioun vun eisen eelere Leit, eisen auslännesche Bierger a virun allem d'Integratioun vun eise Matbierger mat engem Handicap.

D'Education an d'Schoul sinn och Beräicher, déi mir um Häerz leien. Zënter 2009 sinn ech Member an der Kommissioun vum 3. Alter. Zënter 18 Joer sinn ech bei de „Fraen a Mamm Buerglënster-Amber“ als Trésorière aktiv.

Am Private sti meng Famill a meng Frënn op der éischter Plaz, derniewent si meng Hobbye Liesen a Wandern.



Pez Marco

49 Joer, Grolënster
bestuet an 2 Kanner
Staatsbeamten an der
Akerbauverwaltung
Tel: 621 295 338 – marcopez@pt.lu

Ech wunnen zënter 14 Jor an der Gemeng, a sinn elo zënter 9 Jor och aktive Member am Komitee vun der CSV Jonglënster. Meng besonnesch Interessegebidder sinn alles wat mat Stroossebau an technesch Infrastrukturen ze dinn huet, doniewent interesséieren ech mech och fir d'Landwirtschaft mat dem ganzen Ëmfeld an eiser Gemeng.

Ech si Sekretär vun der Veräins-Kommissioun, an en engagéierte Member vun der Kultur-Kommissioun, wou ech aktiv matschaffen. Als Member vun eiser Equipe fir d'Gemengewahlen hunn ech elo d'Chance, mäin Engagement an der Gemeng, a fir eis Gemeng nach auszubauen.

Am Privatlieuwe sinn ech gär bei menger Famill a bei Frënn, ech fueren, wann et mir méiglech ass, mat mengem Motorrad a schaffen mat Freed am Grénge ronderëm d'Haus. Doniewent ginn ech vill a gär mat mengem Hond spadséieren, dat mir d'Geleeënheet gëtt, d'Gemeng mat all hire flotte Weeër z'entdecken.



Reitz Romain

54 Joer, Gonnereng,
bestuet a Papp vu 2 Kanner
(21 an 18 Joer)
Ingénieur industriel, Bankbeamten
Tel: 621 37 00 01 – rreitz@pt.lu

Politesch sinn ech aktive Member am Komitee vun der CSV Jonglënster an zënter e puer Jor och hire Vize-Präsident.

Zënter 2003 sinn ech Member am Gemengerot, a vun 2007 u, sinn ech Schäfte vun der Gemeng. An dëser Funktioun sinn ech och Member an de Gemengesyndikater Sidere a Siaeg a verrieden d'Interesse vun eiser Gemeng och am 'Comité de surveillance' vum Recycling Center.

Als Gemengepolitiker setzen ech mech op alle Gebidder fir d'Bierger aus der Gemeng an.

Meng besonnesch Interessegebidder si Gemengeninfrastrukturen, Bautepolitik, Sécherheet, Verkéier, Veräiner an den 3ten Alter.

D'Fräizäit widmen ech der Famill a mengen zwéin Hobbyen, dem Sport an der Natur.



Saska-Toussaint Chantal

52 Joer, Gonnereng
bestuet a Mamm vun 2 Kanner
Privatbeamtin bei „Femmes en Détresse“
Tel: 691 19 83 85
ramses22011@hotmail.fr

A mengem Beruff wëll ech duerch aktiv Ënerstëtzung vun den Elteren, a speziell elengerzéiende Mammen a Pappen, dozou bäidroen, datt all Kand vun Ufank un déiselwecht Chance kritt.

Chancëgläichheet fir all Mënsch an eiser Gemeng op jonk, al, am Beruff, an der Pensioun, ass fir mech eng ganz besonnesch grouss Motivatioun.

Als Presidentin vun der Chancegläichheets-, Drëtten Alter- a Sozialkommissioun konnt ech an deene leschte Joere schonns Erfahrungsammelen, déi mir vill Satisfaktioun ginn hunn.

Meng privat Hobbyen: ech sinn aktive Member an houfreg Presidentin vun de „Lënster Ourewiirm“ an Ënerstëtzen d'Lënster Musek, wou ech nëmme kann.

Ech gi fuerchtbar gär op d'Rees fir aner Kulture kennen ze léieren an hunn e Faibel fir historesch Kriminalromaner, Reeslektür a Biografien.

Mäi Liiblingsbuch: „Es war mir nie ein Weg zu weit“. An dat och fir d'Zukunft vun eiser Gemeng.



Schlessen-Theis Tessy

44 Joer, Allënster
bestuet an 2 Kanner
Chimie Professorin am
Lycée Classique Diekirch
Tel: 691 73 85 86 – tessy.theis@education.lu

Ech sinn e Mënsch, dee gär nolauschert, sech fir déi aner asetzt a Saache weiderbréngt. Chrëschtlech Wäerter wéi Solidaritéit, Verantwortung, Toleranz a Gerechtegkeet si ganz wichteg fir mech.

Als Sekretärin vun der Kommissioun vum Sozialen a vum 3. Alter schaffen ech ganz aktiv mat u Projeten fir d'Senioren aus eiser Gemeng. Ech si Member vum Parverbandsrot a pake gär eng Hand mat un an der Par, an eise Veräiner a beim Roude Kräiz. Ech hëllefen am Dikrecher Kolléisch mat, Solidaritéitsaktiounen z'organiséieren, an d'Schüler ze sensibiliséieren fir nohaltege Entwécklung.

An eiser Gemeng wëll ech mech virun allem engagéieren am soziale Beräich, fir eis eeler Leit a jonk Familljen, a fir den Ëmwelt- a Klimaschutz. Och d'Sécherheet vun de Bierger, a speziell vun de Kanner läit mir um Häerz.

Ausgläich fannen ech bei menger Famill a Frënn, beim Lafe goen, Liesen a Schaffen am Gaart.



Schuller Michel

26 Joer, Jonglënster
Student an Europäescher Zäitgeschicht
(Uni.lu / Uni Freiburg)
Tel. 621 28 20 71
zweckenhaff@hotmail.com

Ech interesséieren mech virun allem fir alles wat mat Ëmwelt / Energie a Jugend, wéi och mat Kultur- a Veräinswiesen ze dinn huet.

An eiser Gemeng sinn ech dofir en engagéierte Member vun der Jugend- an Ëmweltkommissioun, Sekretär vun der Kulturkommissioun a Matleader vum Kannergemengerot (KGR).

Politesch sinn ech donieft och nach als Sekretär vun der CSJ-Jonglënster aktiv.

A menger Fräizäit ginn ech gär op Reesen, a Concerten an op soss kulturell Manifestatiounen. Ech liese gär a verbrénge vill Zäit mat Frënn an an der Famill. Op sportlechem Gebitt ginn ech schwammen a fuere vill Vëlo.



Weber Marco

47 Joer, Jonglënster
bestuet, 3 Kanner
Geschäftsmann
Tel. 621 15 64 13
weberley@pt.lu

Ech sinn zënter 1994 Member an der CSV. Duerch meng fréier Aktivitéiten am Komitee vun der CSJ-Osten an am CSJ-Nationalkomitee hunn ech schon esou munch Facette vun der Politik gesinn.

Als laangjäreg Member vun der Finanzkommissioun gesäit een wéi e Spillraum een an enger Gemeng huet, wou d'Grenze gesat sinn.

Och wann Theme wéi gläich Chance fir all Kanner an der Schoul, bezuelbare Wunnraum, Gemengenentwécklung mech besonnesch interesséieren, esou géif ech mech selwer awer éischter als Generalist bezeichnen.

D'Erausforderungen, déi op eis Gemeng wäerten zoukommen, si villfälteg.

Am Privatlieuwe sinn ech gär bei menger Famill a bei Frënn. Ech bauen a menger Fräizäit Zuchmodeller am 5 Zoll, an och d'Musek ass zënter e puer Joer zum groussen Hobby ginn.

Zesumme fir eis Gemeng



Am 9. Oktober haben die Bürger die Wahl. Sie entscheiden, wer in den kommenden sechs Jahren in den Gemeinden und Städten unseres Landes die Verantwortung trägt. Es ist eine wichtige Wahl. Die Weichenstellungen, die auf der Ebene der Gemeinden erfolgen, beeinflussen unseren Alltag auf vielerlei Art. Raumplanung und Urbanismus, Umweltschutz, Mobilität, Schulorganisation und Soziales sind nur einige Bereiche in denen Gemeindeverantwortliche ein entscheidendes Wort mitzureden haben.

Daher ist es nicht egal, wer nach dem 9. Oktober die Bürger in den Gemeinderäten vertreten wird. Unsere Gemeinden stehen vor schwierigen Herausforderungen, die resolut angepackt werden müssen. Gebraucht werden Kommunalpolitiker, die nicht auf Sicht fahren, sondern die über den Tag hinaus eine klare Vorstellung

haben, wie sich ihre Gemeinde weiterentwickeln soll. Die Kandidaten der CSV haben diese Ideen. Auch in den Gemeinden lautet das Motto der CSV nicht „abwarten und Tee trinken“, sondern es gilt, weitsichtig zu planen und gemeinsam mit den Bürgern aktiv die Zukunft zu gestalten.

Wir treten als Volkspartei zu den Gemeinderatswahlen an. Als einzige Partei wirbt die CSV in allen 43 Proporzgemeinden mit vollständigen Listen um die Zustimmung der Bürger. Es sind ausschließlich CSV-Mitglieder, die auf der Liste 2, der Liste der CSV, antreten. Sie kommen aus allen Schichten der Bevölkerung und repräsentieren einen ausgewogenen Mix von Jung und Alt, Frauen und Männern. Auf unseren Listen treten ausländische Mitbürger an, ebenso wie Mitbürger antreten, die die doppelte Staatsangehörigkeit haben.

Allen CSV-Kandidaten ist indes ein Punkt gemeinsam. Alle stellen sie sich dem Votum der Wähler mit der Überzeugung, dass unsere gemeinsame Zukunft in unseren Ortschaften und Städten sich nur zusammen erfolgreich verwirklichen lässt. Eben: „Zesumme fir eis Gemeng“.

Marc Spautz
Generalsekretär

Im Endspurt

Der 9. Oktober steht vor der Tür. Nach Wochen und Monaten intensiver Arbeit sind unsere Kandidaten, rund 800 Frauen und Männer, bestens vorbereitet und motiviert, um Verantwortung in den Gemeinden zu übernehmen.

Einmal mehr kann die CSV beweisen, dass sie als Partei fest in der Mitte des Volkes verwurzelt ist. Das war, ist und bleibt unsere Stärke. Die Gemeinden werden oft als Urzelle unserer Demokratie bezeichnet. Das stimmt nach wie vor. Denn in Luxemburg ist das Leben und Wirken in den Gemeinden keine abstrakte Veranstaltung. Da es mit Gemeinden und Staat nur zwei Entscheidungsebenen gibt, werden in den Dörfern und Städten wichtige und wegweisende politische Entscheidungen getroffen. Nahe am Menschen, nahe an den Familien.

Somit tragen die Gemeinden wesentlich zum Funktionieren des Staates bei und bilden das



Foto: Gerry Huberty

für eine stabile Demokratie wichtige Fundament.

Die Verantwortung der Gemeinden und der gewählten Volksvertreter ist groß.

Deshalb ist es wichtig, dass die richtigen Leute in die Gemeinde- und Schöffenräte gewählt werden, um im Interesse aller Mitbürgerinnen Entscheidungen treffen zu können.

Die CSV ist überzeugt davon, diesem Anspruch gerecht zu werden und mit ihren Leuten und ihrem Programm gute Politik machen zu können. An Kompetenz fehlt es nicht.

Die Wochen des Wahlkampfes haben sicherlich Spaß gemacht, sie haben aber auch

den ganzen Einsatz unserer Kandidaten gefordert. Nun liegt das Ziel vor Augen. Dabei sollte keiner unserer Kandidaten vergessen, dass ein Rennen stets noch auf den letzten Metern entschieden werden kann. Wo es nur geht, sollten wir dies zu unseren Gunsten nutzen und am Ball bleiben.

In diesem Sinne: Alles Gute und einen herzlichen Dank für ihr Engagement.

Michel Wolter
Parteipräsident

Rentrée politique bei der CSV

Zurzeit steht die politische Rentrée an, sowohl für die Regierung, die Parteien, ihre Fraktionen im Parlament als auch für die Sozialpartner. Aus diesem Grund hatte die CSV-Parlamentsfraktion, zusammen mit den CSV-Regierungsmitgliedern, dem Mitarbeiterstab der Abgeordneten und dem CSV-Nationalkomitee zu einer ersten Sitzung nach den Sommerferien nach Hesperingen ins „Centre Nic Braun“ eingeladen. Ziel war es, die Arbeiten und Schwerpunkte der kommenden Wochen und Monate im Parlament vorzubereiten und zu beraten.

Marc Spautz, Vizepräsident der CSV-Fraktion, der zusammen mit der zweiten Vizepräsidentin Martine Mergen derzeit die Geschicke und Arbeiten leitet, erinnerte in seiner Begrüßungsrede an den verstorbenen Kollegen und Freund Lucien Thiel, den er als fairen, offenen, toleranten, konstruktiv-kritischen und kompetenten Politiker mit Initiativegeist, Lebensfreude und Engagement bezeichnete. Freund Lucien Thiel ist nur schwer zu ersetzen und sein Tod, den es nun zu verkraften gilt, ist ein enormer Verlust für seine Familie, für die Politik und die CSV, so Marc Spautz.

Im Mittelpunkt der Beratungen standen finanztechnische und sozialpolitische Themen, dies unter dem Eindruck und den Aspekten der aktuellen Finanz- und Wirtschaftskrise sowie den Diskussionen zur Euro-Krise. Weitere Schwerpunkte galten den aktuellen Entwicklungen in Europa. National relevante Politikfelder, die debattiert wurden, waren die Aufstellung der Budgetvorlage für 2012, die anstehenden Reformen im Renten- und Pensionswesen, die bildungspolitischen Herausforderungen sowie verschiedene gesellschaftspolitische Fragestellungen und juristische Anträge.



Fotos: Marc Wilwert